piraten.lu

N°2639
Luxembourg, le 23.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.07.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8
Référence : 480/25
24 JUIL. 2025
A traiter par
Copie à

*Claude WISELER*
*President vun der*
*Chamber vun den Deputéierten*
*19, um Krautmaart*
*L-1728 Lëtzebuerg*

Rolleng, den 22/07/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien & Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.

D'lescht Joer gouf et een tragesche Fall, bei deem een Hausdéier duerch ee Feeler vun enger Baufirma gestuerwen ass. D'Baufirma, déi aktuell ee grousse Shoppingzenter mat Autobunnsopfaart an Tram-Arrêt zu Steebrécken baut (GridX) huet bei Aarbechten nieft engem Privathaus een Drot futti gemaach, wouropshin den Hond ausbéchst ass a spéider op der Strooss iwwerrannt gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Hunn d'Ministesche Kenntnis vun dësem Fall?
2. Ass d'Baufirma an dësem Fall fir den Dout vum Déier souwéi de Schued um Haus haftbar?
3. Misste seriö Firmen, grad bei esou grousse staatleche Projeten, net besser op d'Ëmgéigend oppassen, fir esou Accidenter ze vermeiden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2639 vum 22. Juli 2025 vum éierewäerten Députéierten Marc Georgen**

1. **Hunn d'Ministesche Kenntnis vun dësem Fall?**

Nee, eisem Ministère goufen keng Informatiounen betreffend dem Virfall zougedroen.

2. **Ass d'Baufirma an dësem Fall fir den Dout vum Déier souwéi de Schued um Haus haftbar?**

Prinzipiell ass deejéinegen, deen e materiellen Schued verursaacht duerfir haftbar. Wat elo d'Verantwortung betreffend den Doud vum Hond ugeet, sou misst dës juristesch gekläert ginn.

3. **Misste seriö Firmen, grad bei esou grousse staatleche Projeten, net besser op d'Ëmgéigend oppassen, fir esou Accidenter ze vermeiden?**

Fir d'éischt ass ze erwänen, dass et sech hei net ëm e staatleche Projet handelt, mee ëm e Projet vun engem private Promoteur. Falls et sech ëm en staatlechen Projet handele géif, wier d'Kompetenz net beim Landwirtschaftsministère, mee beim Ministère deen zoustänneg ass fir ëffentlech Bauten.

Lëtzebuerg, den 11. August 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau